

erakommen. Et ass allerdéngs präziséiert am Gesetz, datt déi Gewënner just kéinten iwwer Bon-cadeauen ausgedeelt ginn an a sech keng liquide Geldzommen dierften ausbezuelt ginn. Laut den Informatiounen, déi een awer esou riets a lénks kritt, schénge et awer net esou ze sinn, wéi wa sech un déi Dispositiounen géif gehale ginn.

Fir Iech just kuerz awer ze soen, iwwer wat mer hei schwätzen: Wann een e bësselche kuckt, wat den Émsaz vun deene Bornes Internet ass, da kënt een op e Chiffre d'affaires vu pro Joer 40 Milliounen Euro, wat jo net grad näischt ass, déi iwwert deen dote Wee dann awer gedréint ginn. An et muss een och wëssen, datt de Gros vun deem Chiffre d'affaires laanscht d'Steiere geet, well jo och keen hei iergendwéi Steieren drop bezilt.

Et gëtt och menger Informatioun no nëmmen zwou Gesellschaften, déi esou där Bornes Internet installéieren, déi iwwerhaupt eng Autorisatioun hunn. All déi aner schénge keng Autorisatioun ze hunn.

Duerfir eng Rei vu Froen, déi ech de Mëtteg wollt un déi zoustänneg Ministesch stellen:

Éischters: Huet d'Ministesch vläicht nach méi genau Zuele wéi déi, déi ech elo hei konnt virginn, wat déi sougenannt Internetbornen do betrëfft?

Zweetens: Gi vum Justizministère reegelméisseg Kontrolle gemaach, wat d'Konformitéit vun deene Glécksspiller an de Caféen ugeet, respektiv gëtt och kontrolléiert, ob déi Sociéité fir déi Glécksspiller, déi dann do installéiert ginn, och eng Autorisation de faire le commerce hunn?

Dann drëtens: Kann d'Ministesch hei ausschléissen, datt am Géigesaz zu deem, wat am Gesetz eigentlech virgeschriwwen ass, awer hei déi Leit, déi dann eppes do gewannen, dat a Liquide ausbezuelt kréien an net, wéi dat am Gesetz virgesinn ass, duerch e Bong?

Véiertens: Mengen Informatiounen no lafen eng Rei vu Prozeduren, wou och Plainten deposéiert gi sinn, notament eng Plainte vun der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte, vun der Loterie nationale, déi eigentlech och net méi akzeptéiert hunn, datt weider déi illegal Glécksspiller an de Caféen do géife funktionéieren. Huet d'Madamm Minister vläicht doriwwer Informatiounen?

Fënneft Fro: Ech hunn et virdrun ugeschnidden, de Chiffre d'affaires ass 40 Milliounen. Misst een net do kucken, datt zumindest awer déi Gelder, déi do verdéngt ginn, och géife besteiert ginn?

Dann eng lescht Fro, an déi hunn ech och scho virdrun opgeworf, dat ass déi vun de Sportwetten. Dat ass eppes, wat ganz populär och hei zu Lëtzebuerg ass, a vill Lëtzeburger maachen där Sportwetten am Ausland. D'Fro ass, ob d'Ministesch iergendwéi gedenkt, do eppes drun ze änneren. A generell wëll ech och nach eng Kéier wëssen, ob si der Meinung wier, datt een, wat dës Legislatioun betrëfft, awer misst an den nächste Méint a Joren do gewësse Präzisiounen bréngen.

Merci fir d'Äntwerten.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci villmools. Schéine gudde Mëtten. Merci, Här Mosar, fir déi Fro, déi eis effektiv ëmmer erëm beschäftegt. Bon, vläicht fir den aktuelle legislative Kader nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen: Am Moment gëllt de generelle Verbuetsprinzip zu Lëtzebuerg, wat Glécksspiller ugeet. Dat ass den Artikel 1 vum ofgeännerte Gesetz vum 20. Abrëll 1977 iwwert d'Glécksspiller. Dat

heescht, alles wat net explizitt erlaabt ass, ass verbueden. Normalerweis ass et ëmgekiert. Hei steet et genau esou am Text dran.

Wat ausgeholl ass, Dir hutt et och schonn ëmraus, dat sinn d'Lotterien an d'Sportwetten, déi vun der Loterie nationale ugebuede ginn. Dat heescht, Stand haut kann och d'Loterie nationale ... An ech kenne mech net esou gutt an deem Beräich aus, mee ech hu mer soe gelooss, dass et awer scho géif praktikéiert ginn. Dat heescht, d'Loterie nationale bitt och där Sportwette Stand haut schonn un. An dat fält dann ënnert den Uwenungsberäich vum Glécksspillgesetz vum 1977 a senger ofgeännerte Form.

Eng Exceptioun zu deem generelle Prinzip, dat sinn d'Lotterien an d'Tombolaen, déi deelweis oder ganz engem philanthropeschen Zweck déngen, an dës ënnerleien dann eng Autorisatioun vum Justizministère. Déi Exceptiounen, déi stinn am Artikel 2 vum deem Gesetz iwwert d'Glécksspiller. Dat sinn an der Haaptsaach déi rekurrent Demanden, déi Der alleguerte kennt, déi ëmmer erëmkommen, vun engem Bazar International, vun engem Bazar vun der Croix-Rouge, oder méi rezent den Duck Race.

Eng weider Exceptioun sinn och, wéi gesot, dann d'Sportwetten. An de ganze legale Kader vun de Glécksspiller an de Caféen ass u sech kloer. Dat heescht, d'Glécksspiller an de Cafée si verbueden. Well d'Loterie nationale awer eeben net ënnert dat Gesetz fält, sinn dann déi Borne vun der Loterie nationale legal. Dat heescht, duerst ass och heiansdo e bëssen eng Konfusioun. Et ass wuel erlaabt, awer wierklech bezunn op déi vun der Loterie nationale.

Ech liesen Iech vläicht eng Kéier den Artikel 3 vum deem ofgeännerte Glécksspillgesetz vir: „Est interdite sur la voie et dans les lieux publics et notamment dans les débits de boissons l'installation de tous appareils distributeurs d'argent, de jetons de consommation et, d'une manière générale, de tout appareil dont le fonctionnement repose sur l'adresse ou le hasard et qui sont destinés à procurer un gain ou une consommation moyennant enjeu.“

N'est pas à considérer comme appareil prohibé au sens de l'alinéa précédent, celui qui ne donne au joueur aucune chance d'enrichissement ou d'avantage matériel autre que le droit de continuer à jouer.“

Dat ass dat, wat Der ugeschwat hutt. An d'Affäre vun engem Monopole légal fir d'Loterie nationale huet deemno och keen Impakt eeben op déi Glécksspillbornen, déi vun der Loterie nationale an de Caféen exploitéiert ginn.

E privaten Acteur därerf keng där Bornen ubidden, an déi Kontroll, wéi gëtt déi gemaach? Déi gëtt wéi bei alle Gesetzter, wou et Dispositiounen gëtt, déi Verbuet maachen, net iwwert de Ministère de la Justice gemaach, mee natierlech ass dat am Aufgabebereich vun der Police an och dem Parquet dann herno, fir gegebenefalls eng Instructioun iwwert den Untersuchungsrichter dann och ze lancéieren oder eeben eng Affär ze maachen. An do hunn ech elo keng Kenntnisser vu laufende Prozeduren. Ech mengen, Dir kennt de Prinzip vun der Séparation des pouvoirs, dass ech do net dat sinn, wat kann doriwwer kommunizéieren. Dat misst een da gegebenefalls bei den Autorités judiciaires froen.

Et ass eng Realitéit effektiv, dass et där Bornen an de Cafée gëtt. Mir sinn och dowéinst amgaangen, an dat läit net am Tirang! Ech kann Iech versécheren, dass mer heizou schonn eng sëllegen Echange hatten an dass och op deem Text geschaff gëtt, fir den Text nach eng Kéier e bëssen ze präziséieren, nach eng Kéier unzepassen an eeben och ze kucken, dass mer och deem digitale Beräich, dee sech jo ëmmer

méi developpéiert, nach besser Rechnung droen an enger neier Gesetzgebung, déi elo natierlech net méi ka gestëmmt ginn, mee wou mer awer hoffen, dass se am Laf vun dësem Joer nach ka fäerdeggestallt ginn, soudass déi kann op den Instanzwee goen.

Nach zu den Zuelen: Ech hu keng aner Zuele wéi déi, déi Der schonn am Kader vun de Question-parlementaire krut, déi, déi Dir elo selwer och genannt hutt. Dat si jo Estimatiounen, fir ze wëssen, wivill där illegaler Bornen et gëtt. Méi prezis oder méi rezent Zuelen hunn ech do elo net.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. Den Här Mosar huet nach eng kuerz Zousazfro.

M. Laurent Mosar (CSV) | Jo, merci fir d'Äntwerte vun der Madamm Justizministesch. Si huet hei elo eng Rei Saache gesot, awer déi weesentlech Fro, déi ech och virdrun opgeworf hunn, ass: Wann een dann deenen Informatiounen ka gleewen – an do sinn eng Rei exzellent investigativ Journalisten, déi déi Recherche gemaach hunn –, géifen déi Internetbornen awer e Chiffre d'affaires, ech hunn e virdru genannt, vu 40 Milliounen Euro generéieren, wat jo awer net näischt ass. An déi Fro stellt sech awer wierklech, ob mer dat esou kënnen akzeptéieren an deem Land hei, datt einfach 40 Milliounen Euro laanscht all Steierverwaltung do fléissen. Ech schwätzen elo mol guer net vun der Responsabilitéit vun deene Cafetieren, déi déi Bornen do bei sech installéieren a jo kéinten herno nach weinst Komplizitéit vu Blanchiment accuséiert ginn. An do wär ech awer frou, wann d'Madamm Minister mer vläicht och op dee Punkt nach eng Kéier kéint méi prezis äntworten.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Mosar. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, ech hunn dat virdrun u sech gesot. Dat ass: Wann Infractiounen geschéien, dann ass et un den zoustännegen Autoritéiten, fir déi ze poursuivéieren. An dat spillt hei genausou wéi an allen aneren Dossieren och. Wann et hei derzou kënt, dass Suen hannerzu ginn, dass mer am Kader vum Blanchiment sinn, dass illegal Aktivitéit gemaach ginn, dofir hu mer d'Autorités judiciaires, fir deenen Affären nozegoen.

A wéi gesot, mir schaffen drun, fir den Text nach méi ze präziséieren, fir eeben all Situatioun nach besser gerecht ze ginn. Mee et ass net esou, dass dat heiten ignoréiert gëtt. Loin de là, et sinn nach eng ganz Rëtsch Reuniounen, déi och ustinn. Well et därerf ee jo net vergiessen, mir sinn awer och hei an engem Beräich, wou et och ëm d'Gesondheet geet, wou Suchtpotenzial ass. Duerfir ass et e Sujet, dee ganz delikat ugepasst gëtt a wou sech eebe mat deenen eenzelnen Acteuren och echangeiert gëtt. Mee et gëtt am Ministère un deem Text geschafft.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Justizministesch.

3. 7860 – Proposition de loi portant modification de l'article 33 de la loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse

Den zweete Punkt um Ordre du jour vun de Mëtteg ass d'Proposition de loi 7860, eng Ofännerung vum Jugendschutzgesetz. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Laurent Mosar (CSV), coauteur-rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Initiativ vun dëser Proposition de loi, déi de Kolleeg Gilles Roth an ech selwer de 15. Juli 2021 deposéiert hunn, geet eigentlech op Faiten zréck, déi sech virun zwee an engem hallwe Joer zu Bouneweg ofgespillt haten an un déi Der Iech sécherlech kënn erënnere. Do war eng déidlech Messerstecherei an do war och e jonke Mënsch, deen dobäi ëmkomm ass. An do ware verschidde presuméiert Täter, déi och an d'Unisec op Dräibuer komm sinn.

Do hat awer no enger Rei vu Méint ee vun deenen Täter d'Majoritéit, ass also groussjäreg ginn an ass dee Moment net lafe gelooss ginn, mee du konntest déi responsabel Autoritéiten deen net méi an der Unisec zu Dräibuer halen, well et eng Faille législative an eisem Gesetz gëtt, well eeben net kloer doranner virgesinn ass, datt, wann eng Instruktioun leeft a während där Instruktioun e Mannerjärege groussjäreg gëtt, do awer dann de Juge d'Instruction zesumme mam Jugendriichter kann decidéieren, datt dee weider an enger Mesure de dépôt do bleift. Dat ass, wéi gesot, eng Faille législative, déi och scho laang besteet.

An eis Proposition de loi leeft a sech dorobber eraus, fir dat elo riichtzebéien. Mir hätten eis alleguer gewënscht – an ech mengen, d'Madamm Ministesch och –, datt een dat och hätt kënne maachen am Kader vum Jugendschutz- a Jugendstrofgesetz. Leider Gottes wäert et net méi méiglech sinn, dës zwee Projeten nach an dëser Mandatsperiod ze stëmmen. An duerfir, mengen ech, ass et awer wichteg, datt elo dës Proposition de loi gestëmmt gëtt, well domadder gëtt dann dës Faille législative zougemaach.

Ech wëilt och nach preziséieren, datt soss absolutement näischt hei ännert, wat och d'Rechter vun de Jugendriichter betrëfft, déi nach wie vor natierlech hei zesumme mam Untersuchungsriichter decidéieren, wat da mat esou engem jonke geschitt, dee groussjäreg gëtt a wou effektiv eng Instruktioun leeft.

Ech si ganz frou, datt d'Regierung och direkt op eis Proposition de loi e positiven Avis gemaach huet. Mir hätten eis alleguer gewënscht – an ech mengen, do schwätzen ech och am Numm vun der Madamm Justizministesch –, datt et net zwee Joer gedauert hätt, ier de Staatsrot säin Avis ofginn hätt. Well nëmme fir Iech ze soen: De 15. Juli 2021! Also elo zwee Joer duerno stëmme mir hei of iwwer eng Proposition de loi, wat a sech just een eenzege klengen Artikel ass. Do sinn also bal zwee Joer gebraucht ginn, fir en eenzelnen Artikel ze aviséieren an engem Beräich, deen trotzdem wichteg ass.

Mee mir sinn trotzdem frou, datt et awer elo nach zum Vott vun där Proposition de loi kënn. An ech kann Iech och domadder direkt den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mosar.

Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Si ass nach net do. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana.

Discussion générale

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Ech wëilt hei dem Rapporteur, dem Här Mosar, Merci soe fir säi schrëflechen a mündleche Rapport. Virop wëilt ech och soen, dass ech hei den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun. Wéi e richteg gesot huet, si mer hei am Kontext vun enger Faille, an där mer nobesseren. Mir

wären alleguerten, mengen ech, och frou, wa mer dee ganze Package vun der Reform vun dem Jugendschutz, dem ONE an dem Droit pénal des mineurs hei kéinten och an dësem Haus evakuéieren. Ech mengen, dass dat sécherlech an där nächster Zukunft méiglech ass. Mee ech mengen, en attendant probéiere mer, hei och Remedur ze schafen. An dat maache mer, andeems mer och d'Gesetz vun haut de Mëtten hei stëmmen.

Dofir nach eng Kéier den Accord vun der LSAP-Fraktioun a merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Biancalana. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Carole Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President, an entschëllegt, dass ech kuerz net heibanne war. Mir ënnerstëtzen als Demokratesch Partei déi Proposition de loi, déi vun der CSV-Fraktioun hei abruecht ginn ass. Et geet drëms, eng Lacune am Gesetz ze behiwen, wou mer duerchaus de Sënn dra gesinn, fir effektiv där heiter Gesetzesproposition zoustëmmen.

Wat eis awer wichteg ass, dat ass, dass mer och weider un där globaler Reform souwuel vum Jugendschutz wéi vum Jugendstroferecht schaffen, well mer aktuell an der Legislatioun awer nach d'Situatioun hunn, dass deelweis e Jugendleche méi strenge Prozeduren ausgesat ass wéi en Erwuessenen. Dat ass a mengen Aen aktuell och net onbedéngt konform mat eisen Obligatiounen, déi mer hunn, wat d'Kannerrechtskonvention ugeet, soudass mir ganz favorabel si par rapport zu deene Projet-de-loien, déi elo vun der aktueller Regierung deposéiert goufen, an dass mir op alle Fall eng Volontéit hunn, fir déi Projeten och an enger nächster Legislatur esou schnell wéi méiglech weiderzedreiwen.

Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An dann ass et um honorabelen Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeg Laurent Mosar a Gilles Roth, merci fir d'Initiativ, déi Der geholl hutt. Mir sinn net weiderkomm an där anerer grousser Gesetzgebung, duerfir stoppe mer dat Lach, déi Faille hei an eiser Gesetzgebung. An ech soe Merci als President vun der Kommissioun a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun, fir dass mer dee Vide juridique do kënnen aus dem Wee schafen. Merci dofir.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci och vun eiser Säit aus. E grouse Merci un déi Häre Mosar a Roth. Ech mengen, et ass eng Initiativ, déi mer kënnen absolutt ënnerstëtzen aus deene Grënn, déi och d'Virriedner scho genannt hunn. Als Oppositionspolitiker freet ee sech natierlech besonnesch ëmmer, wann eng Proposition de loi aus de Reie vun der Oppositioun och de Wee bis heihinner fënnt an esou eng breet Ënnerstëtzung fënnt. An deem Sënn gi mir och gär eis Zoustëmmung.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Laurent Mosar an dem Gilles Roth fir dës gutt Proposition de loi. Et war eng Diskussioun an der Kommissioun deemools, déi opkomm war, an dorobber koum déi Initiativ zustanen, déi da jo och haut wäert eng Majoritéit kréien, soudass mer deen eenzelne Punkt elo kënnen, ier déi grouss Reform kënn,

scho verbesseren an do dann dee Problem e bësse geléist hunn.

Dofir wäerte mir och haut dëst matstëmmen. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, fir d'éischt emol e Merci der CSV-Fraktioun fir déi Proposition. Effektiv, am Kader vun deem trageschen Incident, deen zu Bouneweg stattfont huet, ass dat doten erëm opkomm. Et war net déi éischte Kéier, dass déi Diskussioun gefouert gouf, déi inhärent vum Text vun 1992 war an déi sollt gereegelt ginn iwwer eng generell Reform vun dem Droit pénal des mineurs.

An Dir hutt zu Recht gesot, Här Mosar, dass d'Regierung dat heite positiv aviséiert huet, dass mer Iech ënnerstëtzt hunn an där doter Demarche. Et ass d'ailleurs net déi éischte Kéier, wéll ech och nach eng Kéier hei ënnersträichen, dass mer eng Proposition de loi am Justizberäich vun der CSV positiv aviséiert hunn.

Awer elo vläicht nach eng Kéier kuerz zum Fong, well dat der awer och vill interesséiert: Also mir si schonn extrem vill weiderkomm an deem Dossier iwwer den Droit pénal des mineurs, mat enger getrennter Gesetzgebung iwwer de Jugendschutz. Mir kruten déi lescht Woch och den drëtten Avis zu dësen Texter vum Staatsrot erëm. Dat ass jo e Package: Et ass den Droit pénal, et ass de Jugendschutz, mee et sinn awer och déi Jugendleche, déi Affere oder Zeie vun enger Strofdot gi sinn. Et gëtt aktiv weider heirunner geschafft.

An ech sinn awer frou ze héieren, dass hei eng breet Majoritéit vun den Deputéierten der Meinung ze si schéngt, dass et gutt ass, wa mer déi Texter zäitno och gestëmmt kréien. Duerfir maache mir alles am Justizministère, awer och am Educatiounsministère, fir dass Amendementen hei ausgeschafft ginn.

Dir wësst, et geet net just ëm déi prinzipiell Fro bei eis intern: d'Organisatioun, wéi d'Madamm Hartmann gesot huet, dass am Fong manner Rechter do si fir d'Mineuren an de Stroffprozesser wéi fir déi Erwuessenen. Et geet awer och drëm, dass mer eis konforméieren zu internationale Recommandatiounen, mee och zu enger europäescher Direktiv. Dat heescht, et muss souwiesou hei gehandelt ginn, a mir iwwerhuelen do weider eis Verantwortung.

Et sinn nach Diskussiounen elo och mat den Acteuren iwwer déi nächst Wochen. Et sinn e bëssen Diskrepanzen tëschent op där enger Säit dem Avis vun dem Staatsrot an op där anerer Säit den Avis vun den Autorités judiciaires a mir probéieren elo, vu dass de Prinzipp net a Fro gestallt ass, dat beieeneenze kréien an do déi gutt, déi richteg Amendementer ze preparéieren, fir dass déi am Hierscht awer och erëm kënne weider op den Instanzewee goen.

Merci Iech jiddefalls fir déi Initiativ an och fir d'Zoustëmmung heizou, well hei gëtt effektiv en attendant eng Lacune an dem Jugendschutztext, wéi mer en haut kennen, gestoppt, déi mécht, dass, wann e Mineur en cours de procédure 18 Joer kritt, dass en dann effektiv e bëssen an e Vide fält. An duerfir ass et gutt, dass mer dat heiten hunn. Ech muss awer och nach soen: Et ass net esou, dass, wann dat geschitt, wéi dat eeben an deem Fall vu Bouneweg war, dee Jonke sech da komplett am rechtsfräie Raum géif beweegen oder dass och net e Suivi da géif assuréiert ginn. Dat ass scho wuel gemaach ginn och vun de Gerichtsinstanzen, fir do deen Encadrement oprechtzeerhalen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7860. Den Text steet am Document parlementaire 7860³.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 7860 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova (par M. Marc Hansen), M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 7863B – Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire ;

2^o la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

3^o la loi modifiée du 7 juin 2012 sur les attachés de justice ;

4^o la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État en vue de la suppression du rang de conseiller honoraire

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 7863B, deen d'Funktioun vum Conseiller honoraire bei der Cour d'appel sträicht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: e weidert

Gesetz am Kader vun der Reform vum Justizwiesen. Et geet ënner anerem ëm d'Funktioun vum Conseiller honoraire bei der Cour d'appel, eng Funktioun, déi mer mat dësem Gesetz ofschafen. Dir wäert verstoen, wat sech do derhannert deet an datt mer net just eppes ofschafen. Et geet drëm, fir eppes an d'Rei ze setzen.

De Projet 7863B ass den zweeten Deel aus dem 7863. Den 7863A, dat war de Gesetzesprojet iwwert d'Reférendaires de justice, e Gesetz, wat mer den 23. Dezember zejoert gestëmmt hunn un engem Dag, wou mer ech weess net wivill Justizgesetzprojete gestëmmt hunn.

Den 7863B gouf de 24. Mee dëst Joer an der Justizkommission beschwat a mir hunn, well et noutwendeg war, parlamentaresch Amendementer dunn ugehall. De Staatsrot huet säin Avis dësen 13. Juni ginn a mir hunn eis deen den 21. Juni ugekuckt a festgestallt, dass alles an der Rei wär. Notamment begréisst de Staatsrot, dass et elo eng eenzeg Ranglëscht an der Magistratur gëtt, wou déi ordinär an déi administrativ Juridictionen zesummegeféiert ginn. De Rapport hu mer den 28. Juni ugehall.

Ëm wat geet et? Mir maache Modifikatiounen am Gesetz vum 7. März 1980 iwwert d'Organisation judiciaire. Wéi schonns gesot, schafe mer d'Funktioun vum Conseiller honoraire bei der Cour d'appel of. Dat selwecht maache mer bei der Cour administrative an hirem Gesetz vum 7. November 1996.

D'Reegelen iwwert de Rang an der Magistratur gi prezisiéiert. Mir änneren och d'Gesetz vum 7. Juni 2012 iwwert d'Attachés de justice, fir och de Rang op der Lëscht ze prezisiéieren. An da passe mer schlussendlech och d'Gesetz vum 25. März 2015 un, wou et ëm d'Gehälter an d'Avancementer bei de Fonctionnaires geet, fir eeben d'Ofschafe vun der Funktioun vum Conseiller honoraire ze kompenséieren engersäits an anerersäits awer och d'Attraktivitéit vun der Magistratur ze stäerken.

Den 31. Mee 2023 krute mer den Avis vun de Chefs de corps vun de Justizautoritéiten. Si soen, dass d'Reform salutare, mee onkomplett wier. Si stellen awer virun allem fest, dass mer mat dësem Projet aus enger Sakgaass erauskommen, an déi mer duerch d'Gesetz vum 7. März 1980 erakomm sinn, wouduerch eng Rei Magistraten ongerechtferlegt benodelegt goufen. Wat d'Moossnamen ugeet, fir d'Attraktivitéit vun der Magistratur ze stäerken, do waren d'Chef-de-corps vun de Justizautoritéite méi retizent, méi skeptesch. A wat de Rekrutement vun erfuerenen Affekoten en fin de carrière an der Magistratur ugeet, do stelle se a Fro, ob dat wierklech e Benefiss fir d'Magistratur wier. Dat kéint jo dann zum Nodeel si fir Kandidaten aus der Magistratur selwer. Wéi gesot, dat ass den Avis – mat Schmunzele soen ech dat – vun de Chefs de corps vun de Justizautoritéiten.

Fir ee vun den Haaptenjeue vun dësem Gesetzesprojet awer ze ënnersträichen, liesen ech Iech kuerz en Extrait aus dem Commentaire des articles zum Artikel 4 vir, wou d'Avancementer gereegelt sinn, an do geet et nämlech ëm d'Quereinsteiger: „La finalité de ces mesures est non seulement de compenser la suppression du rang de conseiller honoraire, mais également et surtout de favoriser le recrutement dans la magistrature de juristes ayant acquis une solide expérience professionnelle en qualité d'avocat ou de conseiller juridique. Vu que ces juristes intégreront sur le tard la magistrature, leurs perspectives de carrière sont limitées. Sous l'empire de la nouvelle législation, le traitement ne sera plus bloqué en l'absence de poste vacant dans les grades M3 et M4.“

Voilà, ech sinn heimat um Schluss vu mengem Rapport ukomm an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos dem Här Rapporteur Charles Margue.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. De Rapporteur ass op déi verschidden technesch Detailler agaange vun dësem Rapport. Et geet drëm, de Beruff vun der Magistratur méi attraktiv ze gestalten.

Ech mengen, meng Partei fuerdert oft genuch, datt méi Poliziste musse rekrutiert ginn, fir der Kriminalitéit Meeschter ze ginn. Da muss een awer natierlech och kucken, datt déi zweet Etapp hannendrun och besat gëtt, eebe fir datt déi Litigé kënnen an engem Délai raisonnable ... Ech erënneren ëmmer erëm hei am héijen Haus drun: Mir hunn den Délai raisonnable an der Verfassung stoen. Mir si schonn e puermol zu Stroossbuerg condemnéiert gi wéinst dem Netanhale vum Délai raisonnable. Mir müssen do genuch Magistraten hunn, fir eebe kënnen déi Fäll opzeschaffen.

Op ee Punkt wëll ech kuerz agoen, well dat och ëmmer erëm eng CSV-Fuerderung war. Dat ass, datt Affekote kënnen en fin de carrière agefallt ginn. Ech weess, dat ass net ëmmer einfach, wann een eng Beruffsgrupp vun der Säit eran an eng aner Beruffsgrupp hält. Mir hunn dat och bei anere Beruffsgruppen. Mee hei kann eng zousätzlech Experienz rekrutiert ginn an dofir begrësse mir dat ausdrécklech als CSV, datt dese Punkt an dësem Projet de loi figuréiert. An ech sinn och iwwerzeugt, datt do eng Rei Affekoten en fin de carrière vun där Opportunitéit profitéieren, fir kënnen mat hirem Wëssen deenen anere Kolleeginnen a Kolleegen an der Magistratur zur Säit ze stoen.

An ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, an deem heite Projet de loi gëtt wierklech gekuckt, fir d'Attraktivitéit vun der Magistratur méi grouss ze maachen. An ech ka mech do ..., mir sinn net ëmmer eens an op enger Linn, mee do muss ech awer soen, do sinn ech mam Léon Gloden ganz d'accord, fir ze soen: Eischters, d'Attraktivitéit muss op alle Fall ..., et musse méi Magistraten agefallt ginn, an dann, d'Experienz vu méi eeleren, net alen, mee vu méi eeleren Affekoten, déi awer eng gewëssen Experienz hunn – ech ziele mech net méi dozou, zu deenen eeleren, ...

(Hilarité)

... mee egal! –, déi ass awer net onwichtig. An ech kann do wierklech nëmmen dem Léon Gloden Recht ginn, fir ze soen: Déi Experienz kënn der Magistratur sécherlech zegutt a vereinfacht vill Saachen. Dofir kënnen mir als DP och nëmme mat deem Projet de loi hei d'accord sinn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Arendt. An d'Wuert ass elo fir d'Madamm Cécile Hemmen.

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Jo, merci, Här President. E grouse Merci och un de Rapporteur fir säi gudde, detailléierten a kloere Rapport, deen e gemaach huet, deen eis et jo bis elo dann ermëglecht, fir wierklech net méi am Detail op all déi Artikelen an och soss anzegoen. Och fir d'LSAP ass et natierlech wichtig,